

# PÄIPERLÉCK • Aides et Soins à Domicile et Résidences Seniors

## EE FAMILLJEBETRIEB NO BEI SENGE CLIENTEN

# SENIORENRESIDENZ AM PARK ASS OP FIR DE PUBLIC

**D'Seniorensresidenz Am Park** huet hir Dieren op a fëllt sech mat Liewen.

No deene laange Chantiersméint sinn mir houfereg, datt eis éischt Bewunner lo an déi schéin an amenagéiert Raimlechkeeten erageplënnert sinn, a mir sinn och frou dëst Haus de Visiteure kennen ze präsentéieren.

Déi éischten Bewunner konnten am Juli 2022 an den Deel Betreit Wunnen an an d'Appartementer fir Senioren raplënneren.

### Macht Iech Ären Androck op der Platz!

Mir preparéieren aktuell d'Ouverture vum 2ten Deel vum Gebai: fir Oktober 2022 ass d'Ouverture vum CIPA - mat integréierter Demenzstatioun – a vum CPG (Foyer du Jour) geplangt. Eise Büro vum Soins à Domicile wäert iwwregens och fir Oktober seng Dieren zu Biissen opmaachen. Sou dass mir dann déi 6 Servicer ënnert engem Daach kennen ubidden.

Mir bei Päiperléck sinn ëmmer drun interesséiert, eis Servicer weider auszebauen an eise Clienten eng nach méi komplett Palette un Déngschtleeschtungen unzebidden.

Mir freeën eis besonnesch Iech dofir en innovativen an eemolege Projet am Kader vun der Seniorenresidenz Am Park virzestellen ze kennen:

### Den Therapeutesche Zuch

Hei invitéiere mir eis Matbewunner op eng besonnesch Rees: et handelt et sech em eng Therapie ouni Medikamenter, déi besonnesch vir di Léit entwéckelt gouf, déi ënnert enger neurodegenerativer Krankheet leiden, wei z.B. Alzheimer. Des „Rees" erméiglecht et Verhalensproblemer am Zesummenhang mat onstabille Stëmmungen, Onroue wei och Aggressivitéit ze reduzéieren.

Dëst Konzept ass eemoleg hei zu Lëtzebuerg a mir si stolz op eisen Zuch!

Den Här José Ribeiro an seng ganz Equipe feeën sech mat Iech e RDV auszemaachen an Iech d'Haus mat sengem ganze Charme an all sengen Servicer weisen ze dierfen.

D'Equipe vun der Seniorenresidenz Am Park freet sech op Äre Besuch.

Äert Wuelbefannen ass eis Prioritéit!

SENIORENRESIDENZ AM PARK

Päiperléck
Aides et Soins à Domicile - Résidences Seniors


**SENIORENRESIDENZ AM PARK**

4-10, Rue an der Bléi
L-7796 Bissen

**LEITER DES HAUSES**

José Ribeiro
Mail: jose.ribeiro@paiperleck.lu
Tel.: 24 25 46 01